Fro vun der Madamm Bofferding. Generell géing ech soen, datt mir all Accord begréissen, deen de Krich op en Enn bréngt. Wann et Krich gëtt op enger Plaz, ass dat ëmmer schlecht fir d'Mënschen. Dat huet Konsequenze fir déi Länner ronderëm, an dësem Fall d'Golfstaaten. Et huet Konsequenzen op Afrika, well d'Narungsproduktioun méi deier ginn ass. An et huet Konsequenzen op d'Energiepräisser. Duerfir: All Enn vun engem Krich ass positiv.

Zum Inhalt: Mir kennen den Inhalt net vun deem Accord, ausser deem, wat bis elo gesot ginn ass. Souguer vun de Parteie selwer ass et net kloer, wat se genee ofgemaach hunn.

A mir wëssen och net bis haut genee, wat d'Objektiver vun deem Krich waren. Ech mengen, dat dierf een och net vergiessen. Ech erënneren un déi Debatt, déi mer heibannen haten, wéi de Krich ugefaangen huet.

Wat positiv ass, ass natierlech, wann d'Strooss vun Hormus erëm opgeet. Ech erënneren drun, datt déi virum Krich och op war, mee datt doduerch, datt se zougaang ass, Konsequenze komm sinn.

D'Energiepräisser ginn erof. Si sinn elo schonn erofgaangen. Dat ass gutt, fir d'Inflatioun ze bremsen. Et ass gutt, datt d'Quantitéit vun Energie, déi gebraucht gëtt – Kerosin an aner Saachen –, och erëm kann transportéiert ginn.

Et huet keng direkt Influenz, menge mer, op d'Inflatioun an och déi Diskussioun, déi mer an der Tripartitt gefouert hunn, well do ganz oft eng Moyenne geholl gëtt, déi iwwer e puer Méint gemooss gëtt. A bis dat hei sech alles apendelt, wäert dat och nach eng Konsequenz op d'Präisser an Europa an zu Lëtzebuerg hunn.

Dofir wëll ech och hei soen, datt fir eis déi Accorden an der Tripartitt net a Fro gestallt sinn, well d'Konsequenze vun deem Krich net vun haut op muer an och net vun e Freiden un, wann en da soll ënnerschriwwe ginn, eriwwer sinn.

D'Zil muss och sinn, mee dat war och en Zil virum Krich, datt den Iran keng Atomwaffen dierf kréien. Wat genee do ofgemaach ginn ass, weess ech net. Mir hunn en Donneschden an e Freide Conseil européen, d'europäesch Staats- a Regierungscheffen. A mir huelen un, datt mer do méi Erklärunge kréien, och vun deene Länner, déi am Moment um G7 sinn.

Mir wëssen net – an ech sinn do éischter pessimistesch –, ob iergendeppes dran ass, wat dem iranesche Vollek méi Fräiheet géing ginn, wou awer d'iranescht Vollek selwer seng Dirigenten eraussicht. Ech hunn doriwwer näischt gelies an ech mengen och net, datt dat e Resultat vun dësem Accord ass. Ech erënneren drun, datt mer hei bal alleguerte gesot hunn, wéi dee Krich ugaang ass ... Ech mengen, mir waren net begeeschtert vun deem Krich, mee mer hu gesot: Wann op d'mannst do eppes erauskënnt fir d'iranescht Vollek, dann ass dat positiv.

Dat gesot, wëll ech awer nach eng Kéier soen: Mir si frou, datt de Krich op en Enn geet, well dee Krich war schlecht fir d'Regioun, e war schlecht fir d'Stabilitéit, e war schlecht fir d'Sécherheet. Wann e positiv Konsequenzen huet op d'Narungsproduktioun, op d'Inflatioun, op d'Rou an der Regioun, och op all déi Länner – och an der Golfregioun hu vill Leit hir Plaz verluer, déi do geschafft hunn, déi heemgeschéckt gi sinn, well kee méi do an déi Regioun komm ass –, alles dat si Säiteneffete vun deem Krich, déi gutt op en Enn bruecht ginn.

Par ailleurs, mengen ech, musse mer mat den Amerikaner a mat der ganzer Regioun kucken, fir Fridden ze halen. Duerfir begréissen ech och, datt de President Macron um G7 och regional Leaderen invitéiert huet, wéi den ägyptesche President, d'Leadere vun den Emiraten, vum Katar, well all si kennen déi Regioun gutt a mir hänken och e bësse vun der Stabilitéit vun hinnen an der Regioun of.

Eng definitiv Analys an och e Jugement kënne mer a solle mer eréischt maachen, wa mer den Accord – hoffentlech e Freiden – kennen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Premierminister.

Da komme mer zur leschter Fro vun haut de Mëtten, der Fro Nummer 365 vum Här Tom Weidig un den Här Premierminister iwwert d'Kooperatioun mat de Grenzregiounen. Här Weidig, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 365 du 16 juin 2026 de M. Tom Weidig relative à la coopération transfrontalière avec les régions frontalières, adressée à M. le Premier ministre**

**M. Tom Weidig** (ADR) | Merci, Här President. Här Staatsminister, Lëtzebuerg ass an de leschten 20 Joer enorm gewuess. Dësen ze séieren, ze onkontrolléierte Wuesstem huet vill Problemer mat sech bruecht: héich Loyeren, héich Immobiliepräisser, méi Stau, Verdrängung vun eiser Sprooch, d'Integratioun fonctionéiert net méi richteg a villes méi.

Dëse Wuesstem kënnt awer och duerch déi méi wéi 200.000 Grenzgänger, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen. Mir als Land hunn en enormen Afloss op eis Grenzregioun vun Tréier, Pärel, Arel, Diddenuewe bis op Metz – positiv, well vill Awunner an hir Famill si Grenzgänger a si hunn eng gutt bezuelten Aarbecht hei. An déi lokal Geschäfter a Firme profitéiere vun hirer Kafkraaft.

Mee awer gläichzäiteg spieren hir Gemengen an d'Awunner all déi negativ Konsequenze vum Wuesstem zu Lëtzebuerg: e staarken Drock um Wunnengsmaart, hir eege Leit kënnen net méi am Grenzduerf wunnen, de Stau, mee och e Mangel u qualifizéierten Aarbechter. Eng Aide-soignante, déi elo zu Lëtzebuerg schafft, ka sech net méi ëm hir al Leit këmmeren. D'Grenzgänger bezuelen hir Steieren och bal ausschliisslech zu Lëtzebuerg.

Als Member vun der QuattroPole-Delegatioun schwätzen ech reegelméisseg mat Politiker aus der Grenzregioun, déi mir vun hire Problemer erzielen. Si erziele mer och, datt se enttäuscht sinn, datt net méi Initiativ vun Ärer Regierung, Här Frieden, kënnt, fir konkreet Diskussiounen iwwer hir an eis Problemer ze féieren.

Ech froen Iech duerfir: Wéi steet et haut ëm d'Zesummenaarbecht? Ass an der Zukunft e gemeinsaamt Treffen, zum Beispill vun allen Haaptgrenzstied, wéi Tréier, Arel, Metz, Diddenuewen an d'Stad Lëtzebuerg, geplangt, fir dës Erausfuerderunge gemeinsam unzegoen a fair Léisunge fir all ze fannen?

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Weidig. Här Premierminister.

**M. Luc Frieden,** Premier ministre | Här President, ech géing fir d'éischt gären zur Einleitung soen, zu deem, wat den honorabelen Här Weidig gesot huet, datt eist ganzt Land vun deem Wuesstum, dat mer iwwert déi lescht Joren haten, profitéiert huet. Eis Spideeler, eis Betriber, eis Sozialsystemer géifen net fonctionéieren, wann net déi ganz vill Leit an eist Land schaffen a wunne komm wären, an dora schléissen ech natierlech och all d'Grenzgänger an.

Doriwwer eraus muss een eng pragmatesch Kooperatioun mat de Grenzregiounen hunn. Dat mécht d'Regierung. Ech sinn net den zoustännege Minister fir d'Groussregioun, mee ech weess awer, datt ganz vill Projete lafen. Mir sinn net der Meenung, datt mer sollen einfach Steieren iwwerweisen an Nopeschlänner, mee mir hunn den Nopeschlänner, an nach viru Kuerzem op enger intergouvernementaler Konferenz tëscht Frankräich a Lëtzebuerg, gesot, datt mir bereet wären, gemeinsam Projeten ze finanzéieren, sou wéi mer dat och gemaach hunn zum Beispill mat Däitschland, wou et Schoule wéi de Schengen-Lycée an esou weider gëtt.

Ech mengen, mir solle konkreet mat den Nopeschlänner zesummeschaffen, fir datt d'Liewe vun deene Leit, déi do wunnen a bei eis schaffen, esou einfach wéi méiglech gëtt. Och Stroossen- an Zuchverbindungen, all déi Froen, déi mer och mat eisen däitsche Kolleegen diskutéieren, musse weider diskutéiert ginn.

Ech mengen net, datt eng grouss regional Reunioun virgesinn ass, wou all déi Stied do géingen zesummekommen. Dat ass och net d'Aufgab vun der Regierung. Mee mir kucken, datt d'Kooperatioun am Interêt vun de Leit, déi op den zwou Säite vun der Grenz wunnen, sou gutt wéi méiglech gemaach gëtt. An domadder fuere mer weider.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Premierminister. Domat wär dann eis Froestonn vun haut de Mëtten ofgeschloss.

## 7. Ordre du jour (suite)

Ech géing Iech proposéieren, éier mer zu dem nächste Punkt kommen, datt mer nach decidéieren, datt mer déi Motioun, déi den Här Mars Di Bartolomeo am Ufank vun der Sëtzung hei deposéiert huet an déi iwwer Covid-19 geet, en Donneschden de Mëtten op den Ordre du jour géinge setzen no deenen zwou Question-élargien, déi och un d'Gesondheetsministesch geriicht sinn, dat an Ofsprooch mat der Gesondheetsministesch a mat dem Auteur vun der Motioun selwer.

Kann d'Chamber domat d'accord sinn?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert. Ech soen Iech villmools Merci fir déi Zoustëmmung.

## 8. 8379 – Proposition de révision de l'article 15 de la Constitution

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten. Dat ass d'Verfassungsofännerung 8379 iwwert d'Verankere vun der Ofdreiwung an der Verfassung. Et sief drop higewisen, datt laut dem Artikel 131 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit, also zwee Drëttel vun den Deputéierten, erfuerdert ass an datt de Vote par procuration um Enn vun dësem Punkt net erlaabt ass. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Deemno huet de Rapporter 10 Minutten an déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéiten hunn, wa se wëllen, 5 Minutten an d'Regierung hätt och 10 Minutten Zäit. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Zeimet, d'Madamm Carole Hartmann, d'Madamm Taina Bofferding, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson an den Här Gérard Schockmel. D'Wuert huet elo de Rapporter vun der Verfassungsofännerung, den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Institutions***

**M. Marc Baum** (déi Lénk), auteur-rapporteur | Här President, ech mengen net, datt ech iwwerdreiwen,

wann ech soen, datt mer haut Geschicht schreiwen. Mir consacréieren an engem zweete konstitutionelle Vott d'Fräiheet ofzedreiwen an eiser Verfassung. Mir ginn domadder dem Selbstbestëmmungsrecht iwwert den eegene Kierper an de reproduktive Rechter vun der Fra Verfassungsrang. Dat ass keng Klengegkeet, och wann et fir vill vun eis scho laang eng Selbstverständlechkeet misst sinn.

Et ass keng Klengegkeet, wann ee sech d'Geschicht vum Avortement zu Lëtzebuerg ukuckt, déi an engem joerhonnertelaange Prozess vun enger kompletter Kriminaliséierung iwwer eng allmälech Toleréierung bis hin zur Schafung vun engem legale Kader fir den Avortement gefouert huet. Vun enger penaler Fro ass d'IVG lues a lues zu enger Fro vun ëffentlecher Gesondheet, Autonomie a Gläichberechtegung ginn.

Mee et ass och keng Klengegkeet, wann ee sech de reaktionäre Backlash a Bezuch op grondleeënd Fraerechter virun Ae féiert, deen a ville Länner op der Welt an och an Europa déi leschte Jore geschitt ass an nach ëmmer geschitt.

Den 3. Mäerz dëst Joer huet d'Lëtzebuerger Parlament no enger dräistënneger Debatt mat enger grousser parteiiwwergräifender Majoritéit vun 48 Jo-Stëmmen, 6 Nee-Stëmmen an 2 Enthalungen den Artikel 15 vun eiser Verfassung follgendermoossen erweidert: „La liberté d'avoir recours à l'interruption volontaire de grossesse est garantie. La loi détermine les conditions dans lesquelles s'exerce cette liberté."

Esou wéi eis Verfassung et virgesäit, brauch et fir d'Akraafttriede vun där Ännerung en zweete konstitutionelle Vott vun der Chamber – an den Här President huet et och scho grad erkläert –, dëst an engem Intervall vun dräi Méint. An och dës Kéier brauche mer eng qualifizéiert Majoritéit, also eng Zweedrëttelmajoritéit. A vu datt keng Procuratiounen erlaabt sinn, heescht dat, datt d'Deputéiert beim Vott am Sall musse present sinn, fir op déi 40 Stëmmen ze kommen.

Ech kommen a menger Konklusioun op d'Philosophie vun dësem zweete Vote constitutionnel zeréck. Wat bedeit dës Verfassungsännerung? D'Fräiheet ofzedreiwe gëtt ab elo duerch zwee Mechanisme vun der Constitutioun geschützt:

Engersäits duerch den Artikel 131, dee beseet, datt all Verfassungsännerung eng qualifizéiert Majoritéit brauch. Dat heescht, datt keng zukünfteg Regierung mat enger knapper Majoritéit d'Ofdreiwungsrecht einfach ofschafe kann.

An anerersäits garantéiert den Artikel 37, datt all eventuell zukünfteg Restriktioun éischtens per Gesetz geschéie muss, also vun der Chamber votéiert ginn, zweetens dierf se den essentielle Kär vun der ëffentlecher Fräiheet net touchéieren an drëttens misst esou eng Aschränkung proportional an noutwendeg si fir d'Funktionéiere vun enger demokratescher Gesellschaft.

Dës Verfassungsännerung bedeit kee politeschen a kee juristesche Paradigmewiessel, mee se schreift sech an an d'Volontéit vun dëser an och der viregter Chamber. Wéi och de Staatsrot bemierkt huet, brauch et keng Ännerung vum bestoende legale Kader. Et gi keng nei Rechter oder Fräiheete geschafen, mee déi bestoend ginn ofgeséchert. An och d'Doktere behale weiderhin hir Gewëssensfräiheet. Et ass also an engem gewëssene Sënn eng Zort Clause de non-régression, déi mer hei aféieren, zumindest en zolitte Garde-fou géint allméiglech autoritär a chauvinistesch Deriven, wéi mer se allze vill an deene leschte Joren hu missen uechtert d'Welt feststellen.

An de Wierder vum Staatsrot: „inscrire le droit à l'IVG dans la Constitution permettrait de garantir une protection juridique plus pérenne faisant obstacle à des régressions sur ce droit fondamental, telles que celles observées récemment dans certains États, d'autant plus que le droit à l'interruption volontaire de grossesse n'est qu'insuffisamment protégé en droit international."

Dës Aschätzung hunn och siwe vun aacht Avise gedeelt, déi mir an der Institutiounekommissioun analyséiert an diskutéiert hunn. An dëst ass och den eigentleche Beweeggrond vun där ursprünglecher Propos, déi ech virun zwee Joer deposéiert hunn.

D'Noutwendegkeet, dës Ofsécherung vum Ofdreiwungsrecht duerch d'Verfassung virzehuelen, entspréngt aus de rezenten Erfarungen aus anere Länner, grad och deenen, déi eis emol kulturell ganz nostoungen, Länner, an deene reproduktiv Rechter massiv ageschränkt goufen, Doktere verbuede kruten ze hëllefen a Frae gezwonge goufen, entweeder ze gebären oder sech an d'Illegalitéit ze beginn, mat schreckleche gesondheetlechen a psychesche Konsequenze fir déi Betraffen.

An der Kommissioun hu mer kontrovers, awer konstruktiv diskutéiert an eis finalement op dësen Text gëeenegt. Aus dem ursprüngleche Recht op IVG ass eng Fräiheet ginn, wat awer verfassungsrechtlech keen inhaltlechen, mee e semanteschen Ënnerscheed ass, wéi och de Staatsrot ënnerstrach huet.

Par contre huet d'Recht op Verhütung als Pendant zum Recht op Ofdreiwung net déi néideg Majoritéit fonnt, soudatt mer se net zréckbehale konnten.

Den ausféierleche schrëftleche Rapport mat allen Avisen an Diskussiounen hutt Der den 3. Mäerz virgeluecht kritt an och de mëndleche Rapport dozou presentéiert kritt.

Här President, den zweete konstitutionelle Vott ka bei enger Verfassungsännerung net vum Staatsrot dispenséiert ginn, wéi dat bei einfache Gesetzer de Fall ass. An dat ass och richteg esou, well d'Verfassung ganz ënnert d'Prerogative vun der Chamber fält. D'Parlament ass zu Lëtzebuerg de Constituant, déi Gewielte vum Vollek, net d'Regierung oder och e berodend Organ vun der Regierung. An den Intervall vun dräi Méint ass geduecht, fir datt déi gewielte Volleksvertrieder bei engem esou fundamentalen Text kënne lauschteren op eventuell nei Argumenter oder gesellschaftlech Mobiliséierungen.

An am Géigesaz zu de grousse Verfassungsreforme vun 2022 ass et dës Kéier keng Biergerinitiativ ginn, fir e Referendum zu där Fro ze revendiquéieren, wéi dat den Artikel 131 vun eiser Verfassung virgesäit. Am Géigendeel: An engem Sondage huet sech eng ganz breet Majoritéit vun der Lëtzebuerger Populatioun fir dës Propositioun ausgeschwat, a virun allem hu fënnef Deeg no eisem Vott 5.000 Mënschen op der Marche féministe de Vott vun eiser Chamber op der Strooss begréisst, ënnerstëtzt a gefeiert.

Duerfir kann ech gudde Gewëssens als Rapporter vun dëser Verfassungsännerung d'Chamber froen, hire Jo zum zweete Vott hei auszedrécken. Lëtzebuerg géif domadder nieft Frankräich dat zweet Land op der Welt ginn, dat dëse Schrëtt mécht, a mir setze Lëtzebuerg domadder an de Peloton vum Schutz vu Grondrechter a mir schécken en Zeeche vun Hoffnung an d'Welt.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen dem Här Baum Merci fir säin zweete mëndleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Zeimet. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Merci, Här President. Virun dräi Méint huet eis Kolleegin, déi honorabel Madamm Nathalie Morgenthaler, d'Positioun vun eiser Fraktioun zu dëser Ännerung vun eiser Constitutioun virgedroen. Si kann aus gesondheetleche Grënn de Mëtte leider net bei eis sinn. Un eiser Positioun huet an deenen dräi Méint och näischt geännert. D'Membere vun eiser Fraktioun decidéiere wéi ëmmer hei no hirem Gewëssen an no hirer Iwwerzeegung.

Eis ass wichteg, datt kloer ass, kloer eriwwerkënnt: Duerch dës Verfassungsännerung ännert näischt un eiser Legislatioun iwwert den Avortement. Den Här Rapporter huet dat jo och nach eng Kéier hei just virdrun ënnerstrach.

Wichteg ass fir eis, datt d'Fräiheet vun de Frae gestäerkt gëtt. Dat droe mer mat. A wichteg ass fir eis och, datt den Avortement net banaliséiert gëtt. Un dëser Positioun huet an dräi Méint näischt geännert.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Zeimet. D'Madamm Carole Hartmann huet elo d'Wuert. Madamm Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir gesinn alleguerten, wat an der Welt geschitt: Rechter a Fräiheeten, déi laang als selbstverständlech gegollt hunn, ginn nees a Fro gestallt, Rechter a Fräiheeten, déi vu fréiere Generatioune mat Courage an Ausdauer erkämpft goufen.

Fir d'DP zielen d'Recht op Selbstbestëmmung a kierperlech Autonomie zu eise politeschen Iwwerzeegungen, fir déi mir eis zanter Joerzéngte kontinuéierlech asetzen. Am Fokus steet dobäi d'Vertrauen an de Mënsch an a seng Fäegkeet, eegestänneg Entscheedunge kënnen ze treffen.

Déi eegestänneg Entscheedung vun enger Fra, fir kënnen ofzedreiwen, huet sech duerch a mat der DP an der Verantwortung grondleeënd weiderentwéckelt. Vum Gaston Thorn, ënnert deem éischt wichteg Schrëtt a Richtung Entkriminaliséierung vum Avortement gemaach goufen, duerch staark liberal Frae wéi dem Colette Flesch, déi sech mat grousse Engagement fir d'Emanzipatioun vun de Fraen agesat huet, iwwer e Xavier Bettel, ënnert deem den IVG-Kader reforméiert gouf an aus dem Code pénal erausgeholl ginn ass, an dëser Legislatur, wou mir mat grousser Majoritéit d'Ofschafe vum Délai de réflexion fir d'Frae gestëmmt hunn, bis haut, wou mir den zweete Vott fir d'Aschreiwung vun der Fräiheet fir ofzedreiwen an d'Verfassung hunn.

All dës gesetzlech Evolutioune maachen d'Ofdreiwung als Akt selwer net méi einfach. All Fra, all Koppel, all Famill, déi jeemools an esou enger Situatioun war, hëlt haut an och muer eng immens schwéier Decisioun, eng Decisioun, déi awer net däerf direkt oder indirekt diktéiert sinn, mee déi aus fräiem Wëlle muss kënne geholl ginn.

Dobäi wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass mir mam Vott vun haut näischt un den aktuelle legale Konditioune vum Avortement änneren an dass et an Zukunft och essenziell bleift, dass mir op Preventioun, Opklärung an Accès zu Contraceptioun setzen.

Mee och déi beschte Preventioun wäert ni eng honnertprozenteg sinn. Si wäert ni all medezinesch, perséinlech oder sozial Realitéiten ofdecken. Andeems mir d'Fräiheet fir ofzedreiwen an d'Verfassung schreiwen, schützen a stäerke mir dofir d'Selbstbestëmmung an d'kierperlech Autonomie

vun der Fra, déi net vun enger einfacher Majoritéit a Fro gestallt kënne ginn. Well am Kär geet et ëm e fundamentale Prinzipp, ëm d'Selbstbestëmmung, ëm d'Fräiheet a virun allem ëm d'Vertrauen an d'Fra.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Hartmann. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Taina Bofferding. Madamm Bofferding.

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Nun, Här President, et war politesch a juristesch wichteg, dass mer genau dëst maachen an d'Recht op Avortement an eiser Constitutioun festschreiwen, dat ganz besonnesch – an de Rapporter ass drop agaangen –, wann ee gesäit, wéi den internationale Kontext ass, wou Fraerechter ëmmer méi a Fro gestallt ginn an och d'Recht op déi reproduktiv Gesondheet.

Mat dëser verfassungsrechtlecher Garantie seet Lëtzebuerg ganz kloer: D'Gläichstellung an d'Selbstbestëmmungsrecht vun de Frae si keng verhandelbar Prinzippien! Et ass e ganz kloert Signal un d'Politick an un d'Gesellschaft.

Mee e Recht, dat musse mer och ganz éierlech soen, ass net geschützt, wann et just einfach nëmmen an der Verfassung steet a wa mer net och garantéieren, dass et och wierklech esou kann assuréiert ginn. An dofir soe mir ganz kloer: Wann de Staat gären hätt, dass dës Decisioun, dëse Choix, dës Fräiheet och reell soll gelieft ginn, da muss de Staat och sécherstellen, dass d'Leit och kënnen dëst Recht eebe liewen. Domadder wëll ech soen, dass Fraen, déi en Avortement wëlle virhuelen, mussen dat kënnen ouni Drock maachen, ouni Belästegung an och ouni moralesch Aschüchterung.

Net méi spéit wéi gëschter huet nach eng Bekannte mer gezielt, dass se hei am Land an enger Maternité war, wou se sech informéiert huet a wou se nëmme Broschüre vun Avortementsgéigner fonnt huet. Mir wëssen, dass genau déi dote Mouvementer amgaange sinn, sech weider ze mobiliséieren, an dofir ass et wichteg, dass mer eben derfir suergen, dass och d'Frae wierklech d'Recht hunn, kënnen ofzedreiwen.

An dofir hat déi leschte Kéier, wéi mer hei d'Debatt haten – respektiv beim éischte Vott –, meng Fraktioun och eng Proposition de loi agereecht, fir den Délit d'entrave kënnen dee Moment anzeféieren. Well, wéi gesot, wann d'Recht op Avortement e Grondrecht ass, wann dëst esou unerkannt gëtt, dann ass et och logesch, dass de Gesetzgeeber dofir och Instrumenter schaaft, fir dëst konkreet Recht eebe kënnen ze schützen.

Mat anere Wierder: D'Verfassung schützt de Prinzipp an den Délit d'entrave schützt d'Praxis. An déi zwou Mesüren, dat soe mir ganz kloer, gehéieren och zesummen, fir dass dat eeben net nëmmen an der Constitutioun rechtlech verankert ass – wat scho wichteg ass, mee net nëmmen an der Constitutioun –, mee datt eeben herno dat esou och an der Praxis kann assuréiert gi respektiv d'Fraen op hiert Recht kënnen zréckgräifen.

Oft gëtt gesot: „Dat ass net néideg!" Mir gesinn a Frankräich, wou déi Diskussioune lassgaange sinn, ënner wéi engem Drock déi Frae waren, wou Frae verfollegt gi sinn, wou se gefilmt gi sinn, wou sech op Social Media op si viséiert ginn ass. Awer dat heiten, eis Proposition de loi, ass och wichteg fir alleguerten déi Leit, déi am Secteur aktiv si respektiv déi dee Moment en Avortement duerchféieren, fir dës och kënnen ze schützen. An duerfir erwänen ech nach eng Kéier ganz spezifesch eis Proposition de loi, well et eebe fir eis zesummegehéiert, an ech hoffen, dass mer och deemnächst dës Proposition de loi hei an der Chamber kënne stëmmen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bofferding. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech hat, wéi den éischte Vott war, hei nach zitéiert vu fréier, aus Riede vu Vertrieder vun der CSV. Dat hätt ech och kënne maache vun anere Parteien. Deemools ass hei ganz aneschters geschwat ginn. Ech maachen dat awer elo haut net.

Ech wëll just awer meng Verwonnerung hei zum Beschte ginn. Wéi déi Propositioun komm ass vun de Lénken, hunn ech geduecht: „Och, dat doten, dat proposéieren déi elo, an dat geet elo zack, zack, an da geet dat eng Kéier an d'Kommissioun, an da gëtt dat ofgeleent vun de Regierungsparteien ënnert der CSV, an dann ass dat fäerdeg." Ech sinn duerfir ganz verwonnert, dass mer op dee Punkt hei komm sinn, dass mer elo beim zweete Vott sinn iwwert dës Propositioun, fir d'Verfassung ze änneren. Eebe grad well dat, soen ech et elo mol, eng Propositioun ass vun dach awer ganz lénks an net onbedéngt aus der Mëtt vun der Gesellschaft. An dass dann hei awer déi aner Parteien einfach esou Jo soen, an d'CSV dann och gréisstendeels, net all, d'Ëmfeld, dat ass eppes, wat mech immens verwonnert a mengem Versteesdemech vun der Politick hei zu Lëtzebuerg a wéi d'Parteie fonctionéieren.

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech mengen, dass dat heiten och kloer net néideg ass. An ech mengen, dass dofir kee Besoin ass, dat hei ze maachen, well et ännert jo, an dat ass gesot ginn, näischt. D'Detailer sinn am Gesetz gereegelt an net an der Verfassung. Ergo ass dat heiten näischt aneres wéi Symbolpolitick, lénks Symbolpolitick.

Déi maache mir als ADR net mat, an duerfir wäerte mer och, wéi beim éischte Vott hei, alleguerten hei dergéint stëmmen.

Ech ginn nach zwee Fakten hei, do wollt ech nach drop agoen. Den éischte Fakt, iwwert dee mer schwätzen, ass: Den Duerchschnëttsalter vu Fraen, déi zu Lëtzebuerg ofdreiwen, ass 29 Joer! Ech soen dat, well oft gesot a gemengt gëtt, dat wieren iergendwéi ganz Jonker, déi iergendwéi elo immens geplot wieren. Mee den Duerchschnëttsalter ass 29 Joer, also Leit, déi total an der Verantwortung sinn an am Liewe stinn. An d'Zuel vun den Ofdreiwungen hei am Land, déi weess een net genee, mee ass ronn 1.000 pro Joer. Also, dat ass wierklech ganz, ganz, ganz héich.

An d'Befürworter vun der Ofdreiwung soen ëmmer: „My body, my choice." An déi aner soen: „Jo, wéi, ‚my body'? Et ass dach awer de Body vum Kand?" Do gesitt Der, wéi déi zwou Weltusiichten do openeeprallen: Fir déi eng ass et e Fraerecht, fir déi aner ass et e Recht op Liewen.

Déi zwee Argumenter kënnt Der benotzen an enger politescher Debatt. Dat ass méiglech, mee et muss een och déi zwee respektéieren, an duerfir wieren ech mech hei och e bëssen dergéint, wann esou gemaach gëtt, wéi wann déi Leit, déi méi negativ zur Ofdreiwung agestallt sinn, iergendwéi Extremiste wieren a wéi wann dat iergendeppes wier, wat aus engem extremistesche Milieu kéim. Dat ass jo net de Fall.

Dir kennt jo och alleguer där Leit, déi d'Ofdreiwung net gutt fannen, déi aner Méiglechkeete wëllen amplaz hunn, an dat si ganz fein, ganz anstänneg Leit. An dat ass och net, dass déi géint d'Mënscherechter oder esou wieren. An ech hätt gären, dass an där ganzer Debatt, an och an Zukunft, de Respekt virun där Meenung erhale bleift, well et dierf een och an Zukunft, wann dat hei an der Verfassung steet, och nach der Meenung sinn, dass d'Ofdreiwung eppes ass, wat ënnert dem Stréch negativ ass.

An da stellt sech nach d'Fro, wa mer se scho stellen, vun der Verantwortung: „My body, my choice", dat ass, dass déi Verantwortung jo och schonn éischter ugeet! Déi geet jo u beim Akt. An ech mengen, dass et do ass, wou een am Fong misst, grad mat 29 Joer, souwuel als Mann wéi als Fra, d'Verantwortung iwwerhuelen. Da bréicht een duerno vläicht och net doriwwer ze schwätzen, mussen ofzedreiwen.

An da misste mer eis nach d'Fro stellen, well ech déi Zuel genannt hunn: Firwat dreiwen hei am Land esou vill Leit of? Mir hunn ongeféier 6.000 Gebuerten hei am Land pro Joer an 1.000 Ofdreiwungen. Dat ass jo enorm! Firwat ass dat esou? Dorop wësse mir alleguerte warscheinlech hei keng Äntwert, mee et wier interessant, dorop eng Äntwert ze wëssen.

Eppes schéngt mer awer kloer ze sinn: Mir brauchen hei am Land eng kannerfrëndlech an eng familljefrëndlech Politick, fir d'Leit och ze encouragéieren, Kanner ze kréien. An dat ass dat, wat mir als ADR wëllen, a keng Symbolpolitick.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Ganz gutt!

*(Hilarité et brouhaha)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Jo, déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech weess elo nach ëmmer net, ob d'ADR fir oder géint den Avortement ass, ...

**Une voix** | Mee mir schwätzen haut iwwert d'Verfassung!

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | ... well deen Argumentaire hei kann een och zu engem ganz groussen Deel op d'Gesetz applizéieren, dat mer hunn a wou mer jo eis zum groussen Deel heibannen eens sinn, dass dat Gesetz, wéi mer et haut kennen, och weiderhi gëllt, wann déi Verfassung bis a Kraaft trëtt. Dorun huet jiddwereen nach eng Kéier erënnert, an et ass och wichteg, dat ze ënnersträichen.

Ech wollt elo haut net nach eng Kéier op de Fong vun der Debatt agoen – ech muss natierlech elo awer vläicht dat eent oder dat anert soen –, well mer scho ganz detailléiert virun dräi Méint heiriwwer diskutéiert haten. Haut ass eigentlech den Dag vun der Bestätegung vun deem extreem wichtegen Akt. Et ass e symboleschen Akt, effektiv, dee mer haut maachen.

Mir diskutéieren am Moment, op Initiativ hi vun e puer Jonken, déi du relayéiert ginn ass vum Chamberpresident, iwwert d'Resilienz vun eisen Institutiounen: Wat ass, wann? Wat ass, wa mer vun illiberale Parteie géife regéiert ginn, déi wéilte Rechter aschränken, eebe grad och Rechter vu Fraen, déi iwwer jorelaang Zäit erkämpft goufen? Wat ass, wa Rechter vun der Press, vun de Geriichter géingen ageschränkt ginn, wann eist demokratescht Zesummespill géing ageschränkt ginn?

Mir haten e Méinden eng éischt Sëtzung doriwwer, a fir mech schreift dat hei sech genau doranner an: an déi Resilienz, déi mer brauchen, wou et drëms geet.

An anere Länner – an dat gesi mer, dat hu mer iwwert déi lescht Joren erlieft, mir hunn dat och scho vill heibannen diskutéiert – ginn d'Rechter vun de Fraen den Ament konsequent ofgebaut. A wann een do wëllt Garde-foue setzen, d'Recht op Selbstbestëmmung, d'Recht dorop, dass d'Fra kann decidéieren, wat mat hirem Kierper geschitt, dann ass et gutt, wann een dat net a Krisenzäite mécht, mee mécht, datt et a Krisenzäite schonn existéiert, datt een et virun de Krisenzäite mécht, datt een et mécht, éier illiberal Parteien, déi e Problem hu mam Avortement, un d'Rudder kommen.

An ech sinn och wierklech frou – och wa mer eigentlech eng gutt juristesch Debatt iwwert de Begrëff vun der Fräiheet an dem Recht haten –, dass dat eigentlech extreem konsensuell ofgelaf ass, dass mer konstruktiv Diskussiounen haten an och eng grouss Zoustëmmung heizou, an een dat an der Gesellschaft héiert. Wann ech elo héieren, dat wier eng lénksradikal Propos, da kann ech nëmme feststellen, dass d'ADR sech mat deem, wat se ëmmer erëm hei behaapt, wa se seet, si wär an der Mëtt vun der Gesellschaft, selwer haut demaskéiert huet, wa se fënnt, dass dat heiten eng lénksradikal Propos ass!

*(Interruption par M. Fred Keup)*

Well et nämlech esou ass – an d'Madamm Bofferding huet dat virdrun och schonn ënnerstrach –, dass ganz vill Leit dat heite matdroen, dass ganz vill Fraen, déi sech iwwer Joerzéngten heifir agesat hunn, dat heiten eng gutt Saach fannen, dass mer e Recht ofsécheren, dat sech laang erkämpft gouf, dass mer dat an eiser Verfassung elo definitiv ofsécheren.

An duerfir awer och nach eng Kéier mäi Merci haut, net nëmmen un de Marc Baum, mee un all déi Virkämpferinnen a -kämpfer, déi sech derfir agesat hunn, dass d'Frae sech net méi mussen decidéieren tëschent Ofdreiwen ënner illegalen a gesondheetsschiedleche Verhältnisser – well den Avortement gouf et nach ëmmer – oder dat ënner gudde medezinnesche Konditioune kënne maachen, well sech Leit jorelaang dofir agesat hunn a mer dat eeben elo hei nach méi rechtlech ofsécheren.

Et ass schonn ugeklongen: Mat dësem Vott si mer wierklech e Virreiderland. Mir sinn elo dat zweet Land no Frankräich, dat dat heiten an der Verfassung verankert. Dat ass keen Zoufall. An dat ass eng bewossten Äntwert op eng Zäit, an där Fraen a Fraerechter op anere Plazen ënner Drock stinn. An dat, wat mir haut decidéieren, betrëfft eebe grad emol eng Kéier net de Moment. Et ass eng virausschauend Decisioun. Et wäert eng Ofsécherung si fir eis Duechteren, fir eis Enkelinnen, fir all déi Meedercher a Fraen, déi no eis kommen. An dat fannen ech absolutt begréissenswäert vun dëser Chamber, op esou eng Aart a Weis Politick ze maachen: Mir kucken no vir a mir kucken net no hannen.

A mir wäerten als Gréng natierlech dat heite matstëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Den Här Marc Baum nach eng Kéier. Ok, den Här Clement hat sech net gemellt, mee en huet sech elo gemellt, an dofir kritt en dann och elo d'Wuert. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Pardon.

**M. Claude Wiseler,** Président | Kee Problem.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut ass e Moment, deen an deem Sënn wichteg ass, well mer eppes an d'Verfassung schreiwen, wat op den éischte Bléck wéi eppes ausgesäit, wat mer scho laang als Acquis consideréieren, eppes, wou mer e Gesetz hunn a wou mer u sech alleguerten der Meenung waren, dat Gesetz géif duergoen.

An do sinn ech liicht anerer Meenung wéi déi, déi elo grad virdru gesot gouf, datt dat Gesetz en Acquis wär, deen och net verréckelbar wär. An do hu mer ganz kloer gesinn, wéi a verschiddenen anere Länner un deene Grondrechter, un deene Mënscherechter, fir d'Entscheedung iwwert den eegene Kierper ze treffen, geréckelt gouf. Et gouf dru geréckelt, andeem geriichtlech Entscheedunge vun engem Supreme Court koumen, andeem Majoritéite mat absolutte Majoritéiten d'Rechter vun de Fraen ageschränkt hunn, fir Ungarn ze nennen. Ech mengen, mir hunn an deene leschte puer Joer gesinn, wéi Acquisen, déi mer iwwert déi lescht Joerzéngten opgebaut hunn a fir déi ganz vill Fraen an och eng Rëtsch Männer gekämpft hunn, no an no ofgebaut goufen. An dofir ass et esou wichteg, datt mer genau dee Backsliding haut hei mat engem zweete Vote positif verhënneren.

Eng Ofdreiwung ass sécherlech eng perséinlech Entscheedung, déi kengem wäert liichtfalen, kengem liichtgefall ass, deen dat an der Vergaangenheet vläicht mat engem Bigel gemaach huet – eppes, wat grujeleg muss gewiescht sinn! –, a kengem liichtfält, deen dat haut an engem medezinnesche Kader ka maachen, wann en dann an déi Situatioun kënnt. An dofir, well et keng einfach Entscheedung ass, ass et wichteg, datt de Legislateur, an dat si mir alleguerten heibannen, dat Recht schützt, dat an deem beschtméiglechе Kader ze maachen, dat Recht, iwwert den eegene Kierper ze bestëmmen.

An ech wëll Iech awer eppes kuerz perséinlech dozou soen: Esou wichteg, wéi deen Debat haut ass, esou frou sinn ech, datt mer deen Debat hei déi leschte Méint zu Lëtzebuerg ganz sachlech konnte féieren, net wéi an anere Länner. Ech erënnere mech, wéi deen Debat zum Deel a Frankräich gefouert gouf, zum Deel an anere Länner gefouert gëtt, zum Deel an den USA virun all eenzelner Klinick, déi Ofdreiwunge virhëlt, gefouert gëtt. Mir hunn e ganz sachlech hei an der Chamber gefouert. Mir waren eis net ëmmer eens. Mir waren eis net bei all Nuance eens. An ech mengen, och dat ass wichteg: datt mer bei enger esou wichteger Entscheedung nuancéieren.

Dofir war et ëmsou méi treffend, wat ech déi lescht Deeg a menger Inbox gesinn hunn. Verschidden Aktivisten hunn et fir néideg fonnt, zumindest Eenzelner vun eis mat E-Mailen ze beglécken, wou entweeder Fréigebuerener oder eeben Doutgebuerener mat Fotoen illustréiert goufen. Ech fannen net, datt dat engem Debat guttdeet. Ech fannen net, datt dat en Debat op engem sachlechen Niveau hält a sécherlech och net mécht, datt mer fir déi Argumenter, déi vläicht sachlech virgefouert kéinte ginn, méi oppen empfänglech sinn.

Ech perséinlech – dat hunn ech schonn e puermol gesot –, mir hate Problemer, fir eist Kand ze kréien. Mir hu Feelgebuerten erlieft doheem. An an esou enger Situatioun mat Biller konfrontéiert ze gi vun Doutgebuerten – ech kann Iech soen, datt dat engem nogeet! An et huet mer wierklech kee Pleséier gemaach, datt mer zu Lëtzebuerg op engem Niveau ukomm sinn, wou mer op deem Niveau nach probéieren ze iwwerzeegen. Ech hätt mer gewënscht, deen Debat hei wär vill méi serein eriwwergaang. Dat ass kee vun eis heibannen, dat ass elo wierklech un déi dobaussen adresséiert. Dat heiten ass eppes, wat kengem wäert liichtfalen, sécherlech kenger Fra an – ech ginn dervun aus – och deene meeschte Partner wäert et net liichtfalen.

An dofir e grousse Merci un all déi, déi virun eis gaange sinn, un all déi, déi fir dat Recht hei gekämpft hunn, fir et als Éischt op gesetzlecher Eebene ze verankeren an et elo da schlussendlech an der Verfassung ze verankeren. Dofir merci dem Marc Baum, deen, mengen ech, hei eppes erreecht huet, wat déi wéinegsten Oppositiounsdeputéierten an hirer Karriär jee eng Kéier erreechen, nämlech d'Verfassung ze änneren, an zwar zum Gudden. A merci un déi, déi dat heiten haut matstëmmen. Well et verankert e Recht hei zu Lëtzebuerg, e Recht vun de Fraen, iwwert hiren eegene Kierper ze bestëmmen, an net e Recht, vun anere bestëmmt ze ginn. Ech mengen, dat ass e grousse Gewënn. An dofir wäerte mer och d'Propositioun, d'Entrave ënner Strof ze stellen, mat ënnerstëtzen.

Well och dat – ech mengen, dat huet d'Geschicht, déi ech jo grad erzielt hunn, bewisen – ass immens wichteg: datt mer hei kënne serein iwwer esou wichteg Theemen diskutéieren!

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Den nächste Riedner ass den Här Marc Baum, dës Kéier als Spriecher vun der Sensibilitéit déi Lénk. Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk), auteur-rapporteur | Merci, Här President. Merci och all deenen, déi virdru geschwat hunn, fir déi effektiv a ganz grousse Zich ëmmer sachlech gefouerten Debatt.

Wësst Der, wann een op eemol seet, datt esou Leit wéi d'Lydie Polfer oder de Laurent Zeimet oder de Charel Weiler oder den Emile Eicher oder de Guy Arendt alles Lénksextremiste wieren, ...

*(Hilarité)*

... ech mengen, spéitstens dann ass de Moment komm, wou ech mer awer géif en neie politesche Kompass kafe goen!

*(Hilarité)*

An d'Tatsaach, datt et fäerdegbruecht gëtt, als kleng Oppositiounspartei esou eng Verfassungsännerung ze maachen, eppes, wat d'ADR an hirer Existenz bis elo nach net fäerdegbruecht huet, dat huet dann och mat der Approche ze dinn.

*(Interruption)*

Ech hunn nämlech vum éischte Moment un ëmmer nëmme probéiert, Leit ze rassembléieren. Ech hunn net probéiert, wéi d'ADR, ze dividéieren. Ech hu probéiert, Leit bei hiren Ängschte seriö ze huelen, se mat deene Froen, déi se haten, seriö ze huelen. A bis haut respektéieren ech all Positioun vu jiddwerengem Eenzelnen, souguer Iech, Är Positioun, ouni Iech „Extremist" ze vernennen. Vläicht ass dat den Ënnerscheed tëschent riets a lénks.

*(Interruption)*

Här President, ech wéilt awer nach zwee weider Gedanken hei mat erabréngen. Deen éischten ass: Och wa mer heimat wierklech e wichtege, symbolesche Schrëtt gemaach hunn, musse mer eis, mengen ech, bewosst sinn, datt dat hei elo net den Endpunkt ass vun enger wierklech gläichberechtegter Gesellschaft!

*(Interruption)*

Ech mengen, esou laang Fraen am Alter nach ëmmer manner héich Pensiounen hu wéi Männer, esoulaang d'Zuele vun haislecher Gewalt, notamment géint Fraen, ëmmer weider klammen, amplaz datt se zréckginn, esoulaang déi onbezuelte Careaarbecht, meeschtens nieft dem eigentlechen Job, nach ëmmer

meeschtens vu Frae muss gemaach ginn, a soulaang ech dës Lëscht nach laang kéint weiderféieren, jo, esoulaang musse mer konsequent all déi Chantieren ugoen, fir zu enger wierklecher struktureller Gläichberechtegung ze kommen. An dëse Vott sollt genau dozou encouragéieren.

A wann Der wësst ... Mir haten an der Kommissioun d'Diskussioune ronderëm d'Contraceptioun, déi elo op eemol der ADR wichteg ass. An der Kommissioun hu se awer guer näischt dozou gesot. Dat ass awer och ganz, ganz erstaunlech. Si waren och dergéint, datt dat soll an d'Verfassung mat opgeholl ginn. Elo ass et anscheinend esou wichteg. Ech hätt mer gewënscht, et wier dra gewiescht, well et hätt kënne wierklech de Pendant sinn oder an engem ganzheetleche Bild vu reproduktive Rechter. Mee och wann et elo net dran ass, musse mer eis bewosst sinn, datt mer feststellen, datt haut generell manner verhüt gëtt wéi an der Vergaangenheet an datt mer déi Konsequenzen dovunner – net nëmmen ongewollt Schwangerschaften, mee och d'Verbreedung vu sexuell iwwerdrobare Krankheeten – och weiderhi mussen am A behalen an datt och do gesamtgesellschaftlech Efforte musse geschéien. An ech mengen och, datt dem Planning familial seng Revendicatiounen, wat d'Contraceptioun ugeet, nach ëmmer brandaktuell sinn.

An dann e leschte Gedanken, Här President. Den 3. Mäerz sot ech op dëser Plaz, datt d'Welt op eis klengt Ländche géif kucken. An ech mengen, dat ass och esou. An ech mengen och, datt mer dës Kéier e Bild ofginn, wou mer net an alleréischter Linn als Land vun de Steiertricksereien ugesi ginn, als Land, dat Konte vu bestëmmte Geriichtshäff zouméckt, mee datt mer emol eng Kéier wouergeholl ginn als Land, wou Fräiheet a Selbstbestëmmung an der Verfassung garantéiert a gestäerkt ginn, datt mer wouergeholl ginn als e Virbild fir esou vill aner Länner op der Welt, fir esou vill aner Mouvementer, als e Stéck Hoffnung, dat hei vun dëser Plaz ausgeet.

An d'leschte Kéier hate mer 56 Deputéierten, déi present waren a mer haten 48 Jo-Stëmmen. Dës Kéier sinn dräi Deputéierte méi do. Eng Deputéiert kann net hei sinn, well se krank ass. Ech hoffen, datt mer dës Kéier, am zweete Vott, vläicht souguer nach méi wéi déi 48 positiv Stëmme kréien.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. An als leschten ...

*(Interruption par M. Fred Keup)*

Dir wollt ... Et huet een elo zwar kee Fait personnel hei gemierkt. Wann Dir dem Här Baum ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Nee, en huet jo gesot, wat mir gesot hätten, wat awer net ganz richteg ass, Här President.

*(Exclamations et interruptions)*

Ech hunn dat Recht!

**M. Claude Wiseler,** Président | D'ADR huet duerno nach eng hallef Minutt, fir sech ze expriméieren. Ech géing fir d'éischt den Här Schockmel huelen an da kritt Dir nach de Rescht vun Ärer Zäit, wann Der se gär hätt. Ech ginn elo dem Här Schockmel als leschtem ageschriwwene Riedner d'Wuert. Ech maachen den Här Schockmel drop opmierksam, datt d'DP-Fraktioun nach zwou Minutten Zäit huet, fir sech ze expriméieren. Här Schockmel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gérard Schockmel** (DP) | Merci, Här President. Mat der Verfassungsännerung sollen d'Recht op Ofdreiwung an d'Fraerechter gestäerkt ginn, an dat besonnesch an engem internationale Kontext vun engem politesche Rechtsruck. Schützt d'Verfassung also, wéi gesot ginn ass? Ass et e Garde-fou, en definitive Garde-fou, eng Sécherheet? Da kommt, mir kucken!

D'Gesetz iwwert d'Ofdreiwung ka mat enger einfacher Majoritéit ofgeännert ginn. Dat ass elo esou. Dat ass och no der Verfassungsännerung esou. Wat ass, wann et zu enger massiver Aschränkung vum Recht op Ofdreiwung kënnt? Stellt Iech vir, d'Ofdreiwung wier nëmmen nach an den éischte sechs Woche vun der Schwangerschaft erlaabt. Dat wier eng massiv Aschränkung. Si mer dogéint protegéiert duerch d'Konstitutioun? Nee, well d'Konstitutioun iwwerléisst dem Gesetz et, d'Modalitéite festzeleeën.

A wa mir en autoritäre Regimm kréien, da gëtt et zwou Méiglechkeeten:

Entweeder mir gi besat vun enger friemer Natioun an da gëllt hiert Recht an net eist Recht. Dann ass et egal, wat an eiser Verfassung steet.

Oder mir hunn hei am Land en autoritäre Regimm, dee sech entwéckelt. Dofir brauch en awer eng breet Ënnerstëtzung – e brauch op jidde Fall eng breet Majoritéit am Parlament – a kann esou all Moment e Saz aus der Verfassung sträichen. Wann en et dann iwwerhaapt muss, well et gëtt aner Méiglechkeeten.

Dat heescht, hei gi Versprieche gemaach, déi falsch Versprieche sinn. Dat hei ass keng Protektioun, wéi et dobausse verbreet gëtt vun deenen, déi sech als déi grouss Verteideger vun de Fraerechter celebréiere loossen. Mir hunn et hei mat Desinformatioun ze dinn – Desinformatioun! –, andeem de Bierger Sand an d'Ae gestreet gëtt.

*(Interruptions)*

Déi zweet Desinformatioun ass, ze soen: „Hei ass Urgence", wéi wa mer elo deemnächst musse mat engem autoritäre Regimm zu Lëtzebuerg rechnen. Dat ass och net de Fall.

Desinformatioun ass eisem Parlament onwürdeg.

*(Interruption par la présidence)*

Et zerstéiert d'Vertraue vun de ...

**M. Claude Wiseler,** Président | Dir musst zum Schluss kommen, Här Schockmel!

**M. Gérard Schockmel** (DP) | Ech ginn ënnerbrach, Här President, mee ech komme ganz séier zum Schluss.

Et zerstéiert d'Vertrauen an d'Politick an an d'Politiker, d'Vertrauen an d'Demokratie. Dee Vertrauensverloscht féiert eebe justement zu dem Rechtsruck, dee mer jo net wëllen. An dat ass och keen Zoufall, datt déi Initiativ vun där Partei kënnt, déi am wäitste lénks vum politesche Spektrum hei zu Lëtzebuerg steet. An ech denken, Desinformatioun ass net kompatibel mat deem Eed, dee mir hei geschwuer hunn. An aus Respekt vun deem Eed, am Respekt vun de Bierger, déi eis vertrauen, am Respekt och vun eisem Parlament ...

**M. Claude Wiseler,** Président | Dir misst zum Schluss kommen, wannechgelift!

**M. Gérard Schockmel** (DP) | ... gëtt et nëmmen eng Optioun, ...

*(Interruption)*

... an dat ass – merci, Här President –, déi Desinformatioun ze stoppen an dat heiten net matzestëmmen!

Merci. Zwou Minutte sinn net laang.

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Dat do ass net meng Meenung!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Schockmel.

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Dat ass net d'DP-Meenung!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech gesinn, datt doropshin nach eng Rei Wuertmeldungen do sinn. Ech halen elo d'Reglement hei esou an. Dir hutt d'Recht, am Fong déi Zäit ze benotzen, déi déi eenzel Fraktiounen nach hunn. An déi gesitt Der alleguer, wann Der déi Zäittafel kuckt, déi op Ärem Ecran visibel ass. Ech gesinn, datt den Här Marc Baum nach d'Wuert gefrot huet. Ganz kuerz ...

*(Interruption par M. Marc Baum)*

Nee, als Rapporteur, sorry, mee ...

**Une voix** | Ëmmer als Leschten.

**M. Claude Wiseler,** Président | Wat heescht hei „ëmmer als Leschten"?

Den Här Baum huet d'Wuert fir déi Zäit, déi d'Fraktioun vun deene Lénken nach huet. Här Baum, Dir musst Iech also kuerzfaassen.

**M. Marc Baum** (déi Lénk), auteur-rapporteur | Ech ginn dem Här Schockmel Recht, datt Desinformatioun a falsch Versprieche Gëft fir d'Demokratie sinn. Duerfir ass et falsch, ze soen, wéi et elo grad geschitt ass, datt dat hei keen zousätzleche Schutz vum Avortement wier. Net nëmmen iwwert den Artikel 131, mee notamment och iwwert den Artikel 37.

A genau dat dote Beispill, dat Dir ginn hutt, wann eng Regierung géif dohinner goen a se géif den Delai vun 12 Wochen op 6 Wochen erofsetzen, dat wier entgéint dem Artikel 37. Dat kéint net duerchgoen! Sou einfach ass et. Dat gesäit eis Verfassung vir.

An duerfir fannen ech et net richteg, datt Dir hei sot, et soll een dergéint stëmmen, well et falsch Versprieche wieren an Desinformatioun. De Géigendeel ass de Fall. An ech hu probéiert, dat a mengem Rapport däitlech ze maachen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Här Schockmel, et deet mer leed, mee d'Zäit vun deenen eenzelne Fraktiounen, déi elo d'Wuert gefrot hunn, ass ofgelaf. Ech kann also net weider d'Wuert verdeelen. Ech froen d'Regierung ...

*(Interruption par M. Fred Keup)*

D'ADR huet nach 26 Sekonnen, eng hallef Minutt.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Jo, ech wollt just eng Kéier ganz kuerz op dat agoen, wat den Här Baum gesot huet. En huet esou gemaach, wéi wa mir hei vu Lénksextremiste geschwat hätten, déi elo dat Gesetz hei géife stëmmen, a verschidden Nimm genannt. Also, mir hunn dat Wuert net benotzt. Mir hu „ganz, ganz lénks" gesot, an net „Lénksextremisten", ...

*(Interruption)*

... wat eng grouss Nuance ass. An dat ass net lénksextremistesch. Dat ass ganz lénks. Sou wéi och dat anert, wann ee géint d'Ofdreiwung ass, net extremistesch ass. Also, ech mengen, och vill Leit, déi géint d'Ofdreiwung sinn, sinn absolutt keng Extremisten. Mir si komplett an der Mëtt vun der Gesellschaft.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. An domat wär dann d'Lëscht vun de Riedner, déi sech gemellt hunn, ofgeschloss. Ech gesinn, datt d'Regierung net wëllt heizou Stellung huelen. An dann ass

och d'Diskussioun zu dësem zweete Vote constitutionnel ofgeschloss.

An da géinge mer zum zweete Vote constitutionnel iwwert d'Verfassungsofännerung 8379 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8379[12]. Ech soen nach eng Kéier, datt eng qualifizéiert Majoritéit erfuerdert ass, dat heescht e Minimum vu 40 Stëmmen, an de Vote par procuration an dësem Fall net erlaabt ass.

***Second vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution 8379***

D'Ofstëmme fänkt elo un. An dann ass de Vott ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 51 Jo-Stëmmen, 6 Nee-Stëmmen, 2 Abstentiounen. D'Propositioun ass also mat 51 Jo-Stëmme géint 6 Nee-Stëmme bei 2 Enthalungen am zweete Vote constitutionnel ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella et Lydie Polfer ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, M. Ben Polidori et Ben Streff ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Boonen et Paul Galles.*

Et ass also elo esou decidéiert.

## 9. Interpellation de M. André Bauler sur le rôle de l'État dans notre économie

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar enger Interpellatioun vum Här André Bauler iwwert d'Roll vum Staat an eiser Ekonomie. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: Den Interpellateur huet 30 Minutten, d'CSV 15,5, d'DP 12, d'LSAP 11, d'ADR 7,5, déi gréng, d'Piraten, déi Lénk 7 an d'Regierung 30 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Octavie Modert, den Här Franz Fayot, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo den honorabelen Deputéierten, den Här André Bauler, als Auteur vun der Interpellatioun. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert

***Exposé***

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Merci, Här President. Léif alleguer, viru 25 Joer huet de Wirtschafts- a Sozialrot e groussen Avis iwwert d'Roll vum Staat veröffentlecht. Wat fir Verantwortungen huet den Zentralstaat an eiser Gesellschaft, virun allem op sozialem a wirtschaftlechem Plang? Wéi kann de Staat am wierksaamsten agräifen? Wou sinn och d'Grenze vum staatlechen Interventionismus? Wat ass also deen optimale Kader, an deem de Staat sech beweege soll a muss?

Déi Froe vun deemools stelle sech haut méi wéi jee, well d'Welt huet sech zanter 2001 fundamental verännert. Mir liewen an enger Welt, déi ganz anescht tickt wéi deemools. D'Erausfuerderunge wuessen. Si fuerderen eis eraus a ginn ëmmer méi komplex: Denke mer un de Klimawandel a seng Konsequenzen, un déi digital Revolutioun an un déi rasant Entwécklung vun der Kënschtlecher Intelligenz, un déi demografesch Perspektiven an déi domat verbonne Konsequenze fir de Finanzement vun der sozialer Sécherheet.

Wat Lëtzebuerg vun anere Länner ënnerscheet, dat ass eeben, datt et e séier klengt Land ass. An dofir hu mir eis zanter 1842 ëmmer nees missen a méi grouss ekonomesch Raim integréieren. Mir sinn op d'Ausland a seng Mäert ugewisen, fir eis Wueren a Servicer lasszeginn, well mer keen eegene Bannemaart hunn, deen deen Numm verdéngt. A mir sinn och op auslännesch Mataarbechter ugewisen, ouni déi dëse Wuelstand ondenkbar wier.

Déi enorm Ofhängegkeet vum Ausland stellt och d'Fro vun der Roll vum Staat an eiser Ekonomie. An déi enorm Ofhängegkeet vum Ausland ass et eeben, déi dofir suergt, datt mer eis ëmmer mussen d'Fro stellen: Wat fir e Kader muss de Staat setzen, fir datt eis Wirtschaft dynamesch an attraktiv bleift?

De Staat gëtt esou zum wirtschaftleche Player, jo, zum Produktiounsfacteur. Hie setzt Jalonen, fir datt e gënschtegt Ëmfeld entsteet a sech weiderentwéckelt, fir datt also d'Unzéiungskraaft vun eiser Ekonomie geséchert ass. Dat si fiskalesch Schrauwen an Hiewelen, ma net nëmmen: Och déi infrastrukturell Bedéngunge spillen eng Roll, awer och dat reglementarescht Ëmfeld oder de Gesondheets- a Schoulsystem.

Schonn de 16. Abrëll 1996, dat ass elo exakt 30 Joer hier, hat de Wirtschafts- a Sozialrot a sengem Avis bemierkt, datt de Staat eng dynamesch a proaktiv Roll anhuele misst. E misst virun allem d'Roll vun engem Katalysator an Initiator iwwerhuelen an och mat Viraussiicht agéieren.

An de CES huet sech deemools fir e staarken an nohaltege Wuesstem ausgeschwat, e Wuesstem, deen dorop baséiert, déi wirtschaftlech Konkurrenzfäegkeet ze erhalen an de sozialen Zesummenhalt kontinuéierlech ze stäerken.

Här President, loosst eis e ganz kuerzen historeschen Exkurs maachen: D'Roll vum Staat huet sech iwwert déi lescht Joerhonnerte staark verännert. Am 19. Joerhonnert war de Staat éischter zréckhalend: Et war d'Zäit vum Nuechtwiechterstaat, dem État-gendarme, dee sech op e puer Käraufgaben a Ministère gestäipt huet. De Staat huet haaptsächlech fir d'Basisinfrastruktur, d'Justiz an d'Sécherheet gesuergt a sech éischter wéineg an d'Ekonomie agemëscht.

Spéitstens nom Boursëcrash vun 1929 an der Grousser Depressioun vun den 1930er-Jore sinn engem d'Grenze vum Manchesterkapitalismus séier bewosst ginn. Mat der Politick vum New Deal huet sech den deemolegen US-President Roosevelt fir en aktive Staat entscheet, deen intervenéiert, wann et noutwendeg ass. De Staat iwwerhëlt d'Roll vun deem, deen an d'Infrastrukturen investéiert, an en ass deen, deen d'Leit, déi hir Plaz verluer hunn, nees esou u Brout an an Aarbecht bréngt. De Staat gëtt esou zum Stabilisateur macroéconomique, deen déi sozial Sécherheet ënnerstëtzt.

Nom Zweete Weltkrich gëtt den État-providence a Westeuropa lues a lues entwéckelt. Gläichzäiteg huet de Kommunismus de Modell vun der Plangwirtschaft virugedriwwen. D'Resultater vun dësem ekonomesche System si bekannt: Et war eng eenzeg Faillite – vu Moskau bis op Peking. Do, wou de Staat sech opdrängt an déi privat Initiativ verdreift, do ënnerdréckt en all Kreativitéit, all nei Iddi an domat all Fortschrëtt.

Am Wohlfahrtsstaat, deen déi privat Initiativ net ënnerdréckt a gläichzäiteg déi sozial Systemer entwéckelt huet, am État-providence also, huet de Staat a Krisenzäiten eng stabiliséierend Roll ageholl. Dat war de Fall wärend de Pëtrolskrisen an de 70er-Joren, zur Zäit vun der weltwäiter Finanzkris vun 2007/2008, awer och wärend der Pandemie vun 2020 an der Energiekris, déi den Ukrain-Krich ausgeléist huet. Hätt de Staat a Krisenzäiten déi berüümt Maxime vum „Laissez faire, laissez passer, le monde va de lui-même“, sou wéi de Physiokrat Gournay se am 18. Joerhonnert formuléiert hat, ëmgesat, dann hätten eng ganz Rei Betriber missen zoumaachen an eng ganz Rëtsch Aarbechtsplaze wieren definitiv verluer gaangen.

Fir esou een Zenario ze vermeiden, huet de Lëtzebuerger Staat eng séier aktiv a responsabel Roll ageholl an en huet souwuel de Betriber wéi och de Privatleit mat diversen Hëllefen ënnert d'Äerm gegraff.

Et ass genau an dëse Momenter, an deene mir eis bewosst ginn, datt de Staat agräife muss, fir eng gewësse Stabilitéit, Attraktivitéit a sozial Kohäsioun ze garantéieren. Och a grad am Interesse vun der Wirtschaft, déi an der Pandemie riskéiert hätt, d'Baach anzegoen, wa souwuel d'Regierunge wéi och d'Zentralbanken net intervenéiert wieren.

Dat resolutt a geziilt Agräifen hat natierlech och e bedeitende Käschtepunkt. Fir d'Coronapandemie huet de Lëtzebuerger Staat am Ganzen 3,7 Milliarden Euro ausginn. Dorënner war bal eng Milliard Euro un Hëllefen, déi d'Betriber hu missen zeréckbezuelen, wéi beispillsweis Avancë fir Kuerzaarbecht.

De Staat huet domat eise wirtschaftlechen Tissu geschützt, well soss géifen och an Zukunft eng ganz Rei Recettë feelen. Anescht gesot: Ouni d'Agräife vum Staat wier de wirtschaftleche Schued enorm gewiescht.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

An dësem Kontext kann ee roueg betounen, datt de Staat do ass, fir eng gewësse Resilienz opzebauen an extern, onerwaarte Schocken ofzefiederen; fir déi finanziell Sécherheet vun de Bierger, also d'Kafkraaft, ze erhalen; fir duerch en aktive budgetäre Pilotage eng makroökonomesch Stabilitéit ze sécheren; fir eis Wirtschaft an Zäite vu schlechter Konjunktur oder strukturellem Wandel ze stimuléieren an ze ënnerstëtzen.

Duerch eng virsiichteg budgetär Approche spillt den Zentralstaat och eng weesentlech Roll, wann et drëms geet, de faméisen Triple-A bäizebehalen. Duerch dëse genéisse mer d'Vertraue vun den Investisseuren an eis Wirtschaft. A fir Lëtzebuerg als klengt Land ass dat vun zentraler Bedeitung.

An am Virfeld vun dëser Interventioun hat ech en Austausch ënner anerem mat der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. Dës huet och ënnerstrach, datt eng virsiichteg Budgetspolitick net mat enger Spuerpolitick gläichzestellen ass. Et geet éischter dorëms, eng Bestandsopnam vun eisen Ausgaben ze maachen an déi och am An ze behalen.

All Depensë mussen natierlech hannerfrot ginn: Wéi eng rekurrent Käschten hu mer? Hunn d'Ausgaben de gewënschten Impakt? Si se also wierksam an erreeche se dat richtegt Zil? Wéi kënnen d'Ressourcen